

Schoul à la carte?

Da komm an de LCD!
D'Cours complémentaires,
ee Wahlfach fir Schüler vun 3C bis 1C.



Cours complémentaires

Deng Sektoun kann dir ee bestëmmend Fach net bidden? Du géings gären zousätzlech zu denger Sektoun méi Stonnen an engem bestëmmte Beräich beleen an do däi Wesse verdéiwen? Du bass op der Sich no engem Cours, deen sech méi no un der Liewensrealitéit orientéiert a projetsorientéiert opgebaut ass? Dech interesséiert Unterrecht, wou méi Disziplinen zesumme schaffen an dee vu méi Säite beliicht gëtt? Du wënschs dir ee Cours, dee genee bei DECH passt.

Da komm an de LCD. Hei kanns du dir ab der 3C – onofhängeg vun denger Sektoun – een zousätzlech Wahlfach eraussiche, wat dengen Interessen, Kompetenzen a Besoinen entsprécht, an däi Stonneplang esou komplettéiere, wéi et fir däi spéidere Parcours sënnvoll ass.

Déi methodesch Virgoensweise vun de Cours complémentaires leet Wäert op Zesummenaarbecht an op Autonomie souwéi op eng héichwäerteg Wëssensverméttlung. D'Cours complémentaires am LCD vervollstännegen a moderniséieren déi bestoend Offer a stellen dofir eng Plus-value fir all Profil vu Sektoun duer.

D'Cours complémentaires – fir jiddereen ass eppes dobäi: Informatik a Programmation, Kultur, Chineesch, Italiensch, Portugisesch, Spuenesch, Mathematik als complément fir d'Schüler vun der Sektoun A, Psycho-Anthro-Socio, Sciences naturelles am Alldag, COMPACT: Comprendre le Monde Actuel, Sport-Bewegung a Gesondheet, Medien a Kommunikatioun.



” Alexis: Et gi sou vill Choixen datt jidderee kann, fanne wat e gär hutt. “

” Diana: Beim CouCo (...) gëtt eis Kreativitéit an eis Individualitéit gestärkt. Mir kenne bei all Projet ee bësse vun eiser Identitéit weisen. “



” Mathie: Ech fannen et flott, dass een extra Aktivitéite maache kann, déi eigentlech ontypesch sinn fir Schoul. “



” Julie: De Cour ass vum Programm hier vill méi flexibel an et kann een sech och mat aneren Theme befaassen a Saache léieren, déi soss net zum normale Stonneplang gehéieren (...), mee awer wichteg fir d'spéidert Liewe sinn. “




” Swantje: Ech fannen, dass de CouCo eng gutt Initiativ ass, fir méi op perseinlech Interesse vun de Schüler anzegoen. “



Virwëtzig?
Curieux?





**Lycée classique de Diekirch
Ancien Bâtiment
32, avenue de la Gare
L-9233 Diekirch
Tél. 26 807 210**

www.lcd.lu

